LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4720 du 22 juillet 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "Vaccination obligatoire ".**

Déi national Impfcampagne setzt à ce stade op eng fräiwëlleg Impfung vum Gesondheetspersonal aus den Spideeler an den Altersheemer. Oft ass d' Verweigerung fir sech impfen ze loossen op en Manktum un Informatiounen oder souguer op falsch Informatiounen zeréck ze féieren. An deem Sënn soll d' Campagne rondrëm d' Impfen d'Leit iwwer d' Virdeeler vun enger Impfung forméieren an opklären an soumat d' Leit selwer dovunner iwwerzeegen datt d' Impfen onemgänglech ass an den beschte Schutz fir sie sëlwer an fir déi vulnérabel Leit mat deenen sie an Kontakt stinn bitt.

Déi partiell Impfpflicht déi Frankräich ab Mëtt-September aféieren wëll, gëllt fir d' Gesondheets an Pfleegepersonal dat an Frankräich ugestallt ass. Déi franséisch Frontalieren déi am lëtzebuergeschen Gesondheets an Pfleegersecteur ugestallt sinn ënnerleien dëser Impflicht net.